N°4282
Entrée le 22.06.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable et urgence non-reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 24.06.2026

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21/06/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dringend parlamentaresch Fro un de Premierminister an d'Ministere fir den Interieur & Verdeedegung weiderzeleeden.**

Wéinst den héijen Temperaturen hu Meteolux an och d'*Cellule d'évaluation des risques intempéries et inondations* eng Alerte rouge fir de Méinden ausgeschwat, wéi RTL.LU haut beriicht. Dës gëllt bis Dënschdeg um Hallefnuecht a fällt also an d'Feierlechkeeten vum Nationalfeierdag.

Fir dës Feierlechkeeten z'assuréieren, wäerte vill Staatsbeamten, Gemengebeamten, Zaldoten a Fräiwëlleger déi nächst Deeg an der Hëtzt a praller Sonn musse schaffen.

Esou zum Beispill fir déi traditionell Parade vun eiser Arméi, déi aktuell fir d'Mëttesstonn geplangt ass, wann d'Sonn am stäerksten dréckt.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi gëtt der Sécherheet an der Gesondheet vum Personal an de Fräiwëllegen op de Feierlechkeeten Rechnung gedroen?
2. Huet d'Regierung, zesumme mat de betraffene Verwaltungen an der Stad Lëtzebuerg, Upassunge vum Programm virgesinn, wéi zum Beispill eng Verleeung vun der Militärparad op eng méi fréi oder méi spéit Auerzäit oder eng Limitatioun vun den Openthaltszäiten an der Sonn, zum Beispill duerch méi Schietplazen an Ofkillméiglechkeeten ?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés